Walfer Foto-Frënn

Clubzeitung

02|10



Patrick Heller

1. Club News

Neit Lokal

D'Aarbechten an eisem neie Lokal si voll am gaangen a wann näischt derzwëscht kënnt, wäerten se bis Enn Juli fäerdech sinn.
Demno kënne mer am Laaf vum August all eist Material an eis Archiver dohinner plënneren. Dat géif och d'Gemeng freeën, well eist aalt Lokal gëtt fir aaner Zwecker gebraucht.
An da muss dat neit Lokal ageriicht ginn. Mir bauche Schief, Dëscher, Still an eng ganz Rei aaner Saachen, déi mer eréischt kaafe kënnen, wa mer definitiv wëssen, wéi eist neit Lokal ausgesäit wann et fäerdech ëmgebaut ass.
De Schäfferot huet eis versechert, datt mer fir déi divers Aarbechten déi beim an nom Plënneren ufaalen, op d'Hëllef vun de verschiddene « corps de métiers » beim Service Technique vun der Gemeng ziele kënnen. Déi Hëllef huele mer gären un, well et gi genuch Saachen, wou Fachleit gebraucht ginn (z.B. Schief opriichten an ophänken, eng Aarbechtsplak installéieren, de « Spullsteen » uschléissen asw.).
E besonnësche « Chantier » ass de Studio, dee jo och ganz nei ageriicht muss ginn. Déi nei Räimlechkeeten bidde vill méi Méigelechkeete wéi déi aal, ma et gëllt se richteg ze notzen. Ech schléissen net aus, datt mer hei Récksprooch mat Spezialisten huele mussen, éier mer d'Buermaschinn auspaaken.
Wann ech mer de ganze Projet ukucken, da kann ech déi Leit berouegen, déi gemengt haten, mir géifen eis zu engem Spuerclub entwéckelen. Wann eist Lokal agericht ass, wäerten eis Konten zimlech schlecht ausgesinn.

Fotoskollektioun

Dir wësst bestëmmt datt mer, wéi mer déi läschte Kéier vun engem aanere Fotosclub (Lëtzebuerger Naturfoto-Frënn) invitéiert gi waren an do Fotoen vun eise Membere gewisen hunn, mir eis mat eiser Foto-Projektioun fatzeg blaméiert hunn. Ouni wëlle méi an d'Detailler ze goen; et war onprofessionnel an de Club huet sech däitlech ënner Wäert „verkaf".
De Comité huet doropshin beschloss, eng Fotoskollektioun mat de beschte Fotoe vun eise Memberen zesummen ze stellen. E Jury mat Leit, déi net dem Club ugehéieren, mecht de Choix vun de Biller, déi an d'Kollektioun kommen.
Wann d'Kollektioun steet, da gëtt doraus eng CD-R (oder DVD) an e Buch gemach.
E speziellen Aarbechtsgrupp soll dëse Projet vun Ufank bis zu Enn begleeden.

An deem Zesummenhank wëll ech hei en Opruff maachen. All Member, dee mengt hien hätt Fotoen, déi sech fir dës Kollektioun eegenen, soll se a maximaler Qualitéit an Opléisung op CD-R gebrannt dem Comité respektiv dem Aarbechtsgrupp ofginn. D'Zuel vun de Fotoen ass net limitéiert. No der Vakanz fänke mer mam Projet un.

Dir wësst jo och, datt mer op eiser Internetsäit eng Galerie mat Fotoe vun eise Memberen hunn. Och déi Fotoe missten mol nees erneiert ginn. Et ass och nach Plaz fir weider Fotoe vun aanere Memberen. Avis aux Amateurs !

Règlement interne

A senger läschter Reunioun huet sech de Comité mam interne Reglement vum Club befaasst. En ass zur Conclusioun komm, datt et dringend néideg ass, aus aktuellem Ulooss ma och well de Club an e puer Wochen d'Lokal wiesselt, dëst Dokument ze iwwerschaffen.
Dat aalt Reglement bezitt sech op d'Lokal am Centre Amélie a leet de Schwéierpunkt op d'Dunkelkammer a méi allgemeng op d'Uerdnung am Lokal an am Studio.
Dat neit Reglement muss doriwwer eraus den aktuellen Ëmstänn am neie Lokal an dem neie Material (PC, Beamer …) rechnung droen an de Benotzer vum Lokal an/oder vum Studio méi konkret responsabiliséieren an eng, nenne mer se mol „Ligne de (bonne) conduite" festschreiwen.
Ouni an déi individuell Fräiheet vum Fotograf wëllen anzegräifen, geet et drëm, duerch den neien Text, eventuelle Schued vum Club ewechzehaalen, z.B. wann e Member sech net un dës Ligne de (bonne) conduite hält.

De Comité huet och nach décidéiert, datt et net méi duergeet, just eng Memberskaart ze hunn, fir kënnen de Studio a seng Technik ze benotzen. All Member, dee vun elo un de Studio benotze wëll, muss wéinstens e puer Mol am Joer u Clubaktivitéiten deelgeholl hunn. Ausserdem muss en neie Member sech an d'Technik vum Studio aweise loossen. Hie muss sech een oder e puer Mol vun engem Member begleede loossen, deen d'Konditiounen erfëllt a sech mat der Technik am Studio auskennt.

An dësem Kontext muss gesot ginn, datt de Club eng Zort „Autorisation de publication" präparéiert, wou all Persoun, déi engem Clubmember Model steet, schréftlech awëllegt, datt a wou seng Fotoen däerfe publizéiert ginn. Sollt de Model nach keng 18 Joer hunn, muss d'Autorisatioun zousätzlech vun den Elteren oder dem Erzéiungsberechtegten ënnerschriwwe ginn. Déi ënnerschriwen Autorisatioune ginn als Kopie am Club versuergt.

Dat aalt an och dat neit Reglement verlangt, datt de Benotzer vum Studio sech an en Agenda andréit an do och eventuell Tëschefäll notéiert oder Bemierkungen aschreift.
A läschter Zäit hu mer en opfaalend héije Verbrauch vun Hannergrënn (zerrass, verknascht) an och bei de Blëtzer ass de Verschläiss festzestellen (bei zwee vu 4 Blëtzer si mëttlerweil d'Astellluuchte futti).
Wa mer kucken, wat d'Ersetzen vun dëse „consommables" de Club kaschten, ass et nëmme logësch an am Sënn vun all de Memberen, datt mer den Agenda nees méi genau kontrolléieren.
Zumindest de Verbrauch vun Hannergrënn deit momentan drop hin, datt warscheinlech méi Leit de Studio ze benotzen, wéi sech der aschreiwen.

Et geet dem Comité net drëm, fir d'Memberen ze schikanéieren ma fir dat, wat bis elo eigentlech ganz gutt an onkomplizéiert fonktionnéiert huet, ze erhaalen.
Eist internt Reglement passt sech der Zäit un, a soll verhënneren, datt an Zukunft Leit fir 15€, also dem Präis vun der Memberskaart,

ouni weider Konditiounen e Fotostudio kënne lounen a gewollt oder ongewollt mat hiren Aarbechten oder hirem Optrieden „dobaussen“ dem Club schueden.

Dat neit Reglement wäert no der grousser Vakanz un all eis aktiv Membere verschéckt ginn. Et ass viirgesinn, datt all Member deen d'Lokal an/oder de Studio (ausserhalb vun de Clubaktivitéiten) benotzt oder benotze wëll, en Exemplaire vum Reglement mat „lu et approuvé“ ënnerschreift.

A scho kënnegt sech d'Summervakanz un a vill vun iech wäerten an den nächsten Deeg d'Walisse paaken an an d'Vakanz fueren.
Vergiesst äre Fotoapparat net! Fir d'Rentree ass geplangt eng Projektioun mat Vakanzefotoen ze maachen.
An et muss net ëmmer déi déck, schwéier Spiggelreflex sinn. Och déi kleng „Täscheknipsen“ maachen ganz valabel Biller an et kann een op Plaze Fotoe maachen, wou e mat sengem „Profimaterial“ e béise Fanger gemach kritt.
Probéiert et mol aus, am Café, op der Terrass, am Butték, op der Plage, an der Fousgängerzon; Apparat op Automatik, Zoom op Wäitwénkelpositioun, vläicht mat ausgeschaltenem Blëtz, noutfalls ouni op den LCD ze kucken. Dir wäert iech wonneren wat do fir flott Saachen erauskommen.

Ech wënschen iech alleguer eng schéi Vakanz a vill gutt Fotoen.

De Sekretär

2. Programm bis Januar 2011

06.09. Makrofotografie, Gesellschaftsspiller;
Mir maachen Makrofotoen vun Gesellschaftsspiller. De Serge bréngt säin Schachbriet mat an och Dir sollt nach dat eent oder anert schéint Spill mat Figuren matbréngen, an dat wëlle mir dann knipsen. Deen e Makorobjektiv huet, soll dëst matbréngen an deene aneren eventuell ausléinen, fir dass sie och kenne gesinn wéi ee mat esou engem Objektiv schafft.

20.09. Vakanzfotoen;
D'Vakanzen sinn esou weit eriwwer an Dir hutt hoffentlech alleguer dichteg Fotoe gemaach. Dofir hu mir eis geduecht dass mir dës Biller zesumme kucken, vläicht kritt deen een oder aneren eng Iddi fir seng Vakanz vum nächste Joer ze plangen.

04.10. Makrofotografie, Champignon‘en;
Elo ass d'Zäit wou d'Champignon'en am Bësch wuessen, an dëst wëlle mir am Bild festhalen. Well et scho relativ fréi däischter gëtt, fänkt dës Versammlung schon um 19.00 Auer un a mir fueren an de Bësch (wahrscheinlech op d'Steeseler Gipsweieren). Vergiesst äre Blëtz an äre Stativ net!

11.10. Cadrage
Mir maachen d'Biller fir eis Ausstellung an d'Kaderen.

14.10. Montage
Mir riichten eis Ausstellung „Les 4 saisons“ am Centre Prince Henri op.

18.10. Demontage an Decadrage;
Mir riichten eis Ausstellung of an huelen d'Fotoen aus de Kaderen.

08.11. Photoshop Workshop
Mir kucken am Photoshop wéi een Fotoen gutt verbessert. Heibäi soll jiddereen versichen, un Hand vun deene verschiddenen Méiglechkeeten déi de Photoshop ubitt, eng Foto esou ze verbesseren wéi hien se am beschte fënnt.

22.11. Photoshop Workshop: Masken
De Viktor Wittal weist eis wéi een am Photoshop mat Masken schafft.

06.12. Light-painting
Mat enger Täscheluucht resp. engem Späizmännchen versiche mir „Biller“ ze molen an dës mat eisem Fotoapparat anzefänken.

20.12. Fotoprojektioun
De Georges Schiltz weist eis Biller vun vu senger Rees op Istanbul an a Kappadozien.

03.01.2011 Neijoersdagspatt
Mir bleiwen eiser langjähreger Traditioun trei an offréieren eise Memberen e Patt fir dat neit Joer.

17.01. Am Becheler
Am Haus am Becheler erneiere mir eis permanent Ausstellung. Mir huelen d'Biller vun eise leschten Ausstellungen an ersetzen déi Biller déi elo schonns bal 2 Joer do hänken.





Daniel Schmit







Clubmember Clubmember Clubmember

Numm:
Daniel Schmit

Member zenter:
2008



Gebiertegen
Péitenger Wandjang,
wunnen zanter 20
Joer zu Goussel Vu
klengem un Fotographie-
ibegeeschtert.

Material: PENTAX K10 / NIKON D700

Objektiver: Pentax 18-55mm
Nikkor 24-70mm f2,8
Sigma 105mm Makro f2,8

Hobby: Alles fotografëieren wat gefällt, Velo fueren
Motiver: Am léiwsten Architektur an Nuets-fotografie












Numm:
Luc Ramponi

Member zenter:
1998



BILDRECHTE

1. Schutz der Privatsphäre

Das Recht auf Schutz der Privatsphäre, Grundprinzip der Bildrechte, gründet sich auf verschiedene Rechtstexte, darunter

a) Artikel 8 der Europäischen Konvention zum Schutze der Menschenrechte und Grundfreiheiten;

b) Artikel 14.(1) des luxemburgischen Gesetzes vom 8. Juli 2004über die freie Meinungsäußerung in den Medien in seiner geänderten Fassung, wonach jeder ein Recht auf Wahrung seiner Privatsphäre hat;

c) Das luxemburgische Gesetz vom 11, Ausgust 1982 über den Schutz des Privatlebens, wonach es verboten ist, die Privatsphäre Dritter bewusst zu verletzen, indem von einer Person, die sich an einem nicht öffentlich zugänglichen Ort aufhält, mit einem beliebigen Apparat Aufnahmen gemacht oder in Auftrag gegeben werden, ohne dass diese Person ihre Zustimmung gegeben hat. Nach diesem text ist auch die Veröffentlichung solcher Aufnahmen verboten.
Aus diesen Rechtstexten geht hervor, dass jeder das Recht hat, sich dagegen zu wehren, dass Aufnahmen von ihm gemacht oder veröffentlicht werden.



2. Zustimmung der fotografierten Person

Eine Person kann natürlich zustimmen, dass Aufnahmen von ihre gemacht oder veröffentlicht werden.
Im Streitfall muss grundsätzlich derjenige, der für die Veröffentlichung vernatwortlich ist, nachweisen, dass eine solche Zustimmung gegeben wurde.
Die Sache ist noch viel schwieriger, wenn die fotogrfierte Person minderjährig ist. Gemäß Artikel 1124 des luxemburgischen bürgerlichen Gesetzbuchs sind Minderjährige, die nicht für mündig erklärt wurden, rechtsunfähig und nicht zum Abschluss von Verträgen berechtigt. Es gibt eine Ausnahmevon dieser Regel, und zwar wenn der gesetzliche Vertreter des Minderjährigen, z.B. die Eltern, zustimmt.
Nach der in Belgien und Frankreich herrschenden Lehrmeinung ist bei Minderjährigen, die das Alter der Vernunft erreicht haben, sowohl die Zustimmung des Minderjährigen als auch der Eltern (oder des gesetzlichen Vertreters) erforderlich.
(Le droit à l'image, Marc Isgour, Bernard Vincotte, Larcier, 1998, S.51 "Als Alter der vernunft, ein nicht gesetzlich geregelter Begriff, wird normalerweise das Alter betrachtet, an dem der Minderjährige beginnt die Tragweite seiner Handlungen zu verstehen, was bei jedem einzelnen von der Entwicklung des Geistes aghängt (in der Regel mit 5 bis 7 Jahren)" ("Vocabulaire Juridique", Gérard Cornu, PUF, 6. Auflage, S. 743).




3. Aufnahmen an öffentlichen Orten

Aus praktischen gründen ist es oft nicht möglich, die Zustimmung aller Personen einzuholen, die auf Fotos zu sehen sind, die an öffentlichen Plätzen gemacht wurden. Nach der belgischen und französischen Rechtssprechung kann daher davon ausgegangen werden, dass eine Person allein aufgrund der Tatsache, dass sie sich an einem öffentlichen Ort aufhält, ihre stillschweigende Zustimmung zu der Aufnahme gegeben hat.
Die Lehrmeinung sagt allerdings auch, dass die Tatsache, dass sich die Person an einem öffentlichen Ort aufhält, zwar als stillschweigende Zustimmung zu der Aufnahme zu betrachten ist, jedoch nicht als Zustimmung zu einer Veröffentlichung dieser Aufnahme(op. Cit. 1, S. 97). Damit eine solche Veröffentlichung möglich ist, muss die zustimmung der betreffenden Person eingeholt werden.



4. Aufnahmen bei aktuellen Ereignissen

Die Bildrechte von Privatpersonen können mit dem allgemein anerkannten Recht der Öffentichkeit auf Informationen kollidieren. Nach der französischen Lehrmeinung löst sich der Konflikt zwischen dem Recht auf Information und dem Recht auf Wahrung der Privatsphäre zu Gunsten des Rechts auf Information, wenn die Verbreitung erforderlich ist, um die Bürger einer demokratischen gesellschaft richtig zu informieren. (Droit des médias et de la communication, Band 1, Editions Lamy, 209-89) Die luxemburgische Rechtssprechung sieht die Sache ähnlich und sagt: "Auch wenn feststeht, dass das Recht des Menschen am eigenen Bild unumstößlich ist und sich jeder gegen eine unerlaubte Veröffentlichungseinens Abbilds wehren kann, muss eine Ausnahme gelten, wenn das veröffentlichte Bild eine Person zeigt, die im Mittelpunkt eines aktuellen Ereignisses steht" (Cour d'appel, 6. Januar 2005).
Sind Personenan einem aktuellen Ereignis beteiligt, wird ihre Zustimmung zur Vervielfältigung ihres Bildes im Allgemeinen vorausgesetzt, jedoch unter der Voraussetzung, dassdie verwendung dieser Bilder eng mit dem betreffenden aktuellen Ereignis zusammenhängt.



5. Fazit

Angesichts der oben geschilderten Problematik wird dringend empfohlen, vor einer Aufnahme und (vor allem) vor einer Veröffentlichung von Fotos die Zustimmung der betreffenden Person einzuholen. Bei Minderjährigen muss die Zustimmung der gestzlichen vertreter, wie z.B. der Eltern, sowie der Minderjährigen, sofern sie des Alter der vernunft erreicht haben, eingeholt werden.
Alternativ können Bilder unscharf gemacht werden, damit die Personen nicht mehr zu erkennen sind. Ein Verstoß gegen die Vorschriften zum Schutz der Privatsphäre hat straf- und zivilrechtliche Folgen. Auf strafrechtlicher Ebene z.B. wird ein Verstoß gegen die Bestimmungen des luxemburgischen Gesetzes vum 11. August 1982 über den Schutz des Privatlebens mit einer Gefängnisstrafe von acht Tagen bis zu einem Jahr und/oder einer Geldstrafe von 251 Euro bis 5.000 Euro bestraft. Auf zivilrechtlicher Ebene kann eine Verletzung der Privatsphäre oder der Bildrechte (unter anderem) zu einer Verurteilung zu Schadenersatz führen. Auch wenn die die betreffende Person (oder der gesetzliche Vertreter) ihre Zustimmung gegeben hat, ist zu beachten dass

a) die Veröffentlichung der Fotos auf Artikel beschränkt ist, die direkt mit dem ereignis in Verbindung stehen, anlässlich dessen die Aufnahmen gemacht wurden,

b) die Zustimmung "spezifisch"sein muss (d.H. sie muss für einen bestimmten Zweck gegeben werden, z.B. für ein bestimmtes Ereignis) und danach nicht für andere, ursprünglich nicht vorgesehene Zwecke verbreitet werden darf.

Muster für die Zustimmung zu Bildaufnahmen und zur Veröffentlichung von Bildern eines Minderjährigen

Ich, ..., Vater/ Mutter / sonstiger gesetzlicher Vertreter

(Unzutreffendes streichen) von ..... (Name und Vorname des Kindes),

erteile meine Zustimmung, daß das Kind auf der Veranstaltung .....

am ..... (Name und Datum der Veranstaltung) fotografiert werden darf und diese Fotos

in der Presse oder zu einem anderen nicht gewerblichen Zweck, der direkt mit der betreffenden Veranstaltung zusammenhängt, veröffentlicht werden dürfen, und nehme zur Kenntnis, daß diese Veröffentlichung unentgeltlich erfolgt.

Unterschriften:

Kind: .....Vater / Mutter / sonstiger Vertreter: .....



















Reportage:

Sébastien Gabel
Patrick Heller
Serge SCHNEIDER
Paul ERNSTER
Henri DA CRUZ



















Reportage:

Guy Mosar
Patrick Heller
Jean-Paul Schmit
Lucien Koneczny
Paul Ernster
Raymy Reh,inger
Guy Rehlinger
Sébastien Gabel
d'Daniele MAJERES
Dan SCHMIT
Pit EWEN
Tom BIEVER
Raymond LOUIS







Impressum Impressum Impressum

Editeur: Walfer Foto-Frenn

Redaktioun:

Patrick Heller
Pierre Levy
Guy Rehlinger
Luc Ramponi
Georges Schiltz

Layout:

Luc Ramponi

Copyright: WFF 2010

Concours interne 2010 „Les 4 saisons“

REGLEMENT

- *Chaque membre peut remettre 2 séries de 4 photos. Chaque série comprendra 1 photo pour chacune des 4 saisons de l'année.*
- *Les photos peuvent être soit en couleur, soit en monochrome.*
- *Des séries mixtes de photos couleurs et monochromes sont acceptées.*
- *Les photos sont à remettre sur support digital (CD-R de préférence) jusqu'au lundi 20 septembre 2010 au plus tard.*
- *Le format des photos doit être de 20 x 30 cm et 300 dpi.*
- *Les photos ne doivent porter ni cadre, ni bord blanc, ni signature.*
- *Un jury composé de personnes externes au club choisira les trois meilleures séries et la meilleure photo.*
- *Le cadrage des photos sera fait lundi le 11 octobre 2010 à partir de 20.00 heures dans notre local.*
- *Le montage de l'exposition aura lieu jeudi le 14 octobre 2010 à partir de 19.30 heures.*
- *L'exposition des photos aura lieu du 15 au 17 octobre 2010 au Centre Prince Henri à Walferdange.*

Walferdange
Port Payé

PS/633

Editeur responsable:
Walfer Foto-Frënn
B.P. 72
L-7201 WALFERDANGE
www.wff.lu
info@wff.lu
Parution:Périodique